N° 5305
Reçue le 17.12.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de
l'Aménagement du territoire

Département de l'énergie

Gemeinsam Äntwert vum Här Energieminister a vum Här Minister fir Héichschoul a Fuerschung op d'parlamentaresch Fro n° 5305 vun den honorabelen Deputéierte Fred Keup a Fernand Kartheiser iwwer d'Participatioun um ITER-Reakter

Mir reagéieren op den honorabelen Deputéierten hir Froe mat dëse Prezisiounen.

D'Regierung gesäit d'Finanzementer vun Aktivitéiten am Beräich Nuklearfuerschung duerch d'Europäesch Unioun (EU) weider kritesch a setzt sech fir eng Verschibung vun de Finanzementer a Richtung vu Fuerschungsaktivitéiten am Beräich vun erneierbaren Energien an. Deementspriechend huet sech Lëtzebuerg beim unanime Vote zur weiderer EU-Finanzéierung vum Projet ITER Ufank 2021 enthalen an huet dozou eng Deklaratioun gemaach.

Lëtzebuerg ass keng direkt international Verpflichtungen am Kader vum Projet ITER agaangen; dat ass villméi iwwert d'EU, via hir Agence „Fusion for Energy", déi vun Ufank un den europäeschen Deel vum Projet ITER assuréiert, geschitt.

Lëtzebuerg ass net direkt finanziell um Projet ITER bedeelegt, mee muss sech mat enger minimaler Cotisatioun bei der europäescher Agence „Fusion for Energy" bedeelegen, esou wéi all EU Memberstaaten. Dat geschitt iwwert de Budgetsartikel 03.1.35.010. D'Héicht vun deeër Cotisatioun pro Joer vun 2013 bis 2021 ass am Tableau hei drënner opgefouert.

	2013	**2014**	**2015**	**2016**	**2017**	**2018**	**2019**	**2020**	**2021**
Cotisatioun (€)	4300	4400	4400	4600	4900	5000	5600	6100	6500

Lëtzebuerg, de 17. Dezember 2021
(s.) Claude Turmes
De Ministre de l'Énergie